N°6641
Entrée le 28.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Energie, Claude Turmes, an der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro n°6641 vum 10. August 2022 vum éierewäerten Deputéierten Marc Goergen iwwert Kontrakter mat Gasfournisseuren

Den éierewäerten Deputéierten beschreift e Fall vun engem Lotissement bei dem déi eenzel Gebaier un eng Zentralheizung iwwert e Nahwärmenetz ugeschloss sinn. Et schéngt also ëm ee Kontrakt ze goen dee sech op d'Liwwerung vu Wäermt bezitt a net op d'Liwwerung vu Gas, wéi dat an der parlamentarescher Fro Nummer 6192 de Fall war. Fir ze wëssen wat engem Client seng Méiglechkeeten am konkrete Fall sinn, muss een de spezifesche Kontrakt kennen, well do d'Konditiounen definéiert sinn.

1. **Wéi eng Technologie ass, dem Energieminister no, méi ressourcëschounend an nohalteg: d'Wärmepompel oder d'Pelletheizung?**

D'Wärmepompel an d'Pelletheizung sinn Anlagen déi et allebéid erlabe fir Gebaier fossilfräi ze hëtzen. Wärmepompelen si besonnesch ressourcëschounend a Verbindung mat relativ nidderege Virlaftemperaturen (bis 55°C), wéi se virun allem an neien, an a gutt isoléierte Gebaier genotzt ginn. An net esou gutt isoléierte Bestandsgebaier sinn awer oft méi héich Virlaftemperaturen (iwwer 55°C) erfuedert, sou dass een hei éischter op eng Pelletheizung géif setzen, als fossilfräi Alternativ zu enger Gas- oder Masuttsheizung. Eng Zwëscheléisung oder och Iwwergangsléisung sin hybrid Systemer, wou eng Wärmepompel mat enger bestehender Gas- oder Masuttsheizung (oder all aner Heizung) kombinéiert gëtt (d'Wärmepompel deckt dobäi méi wéi 70% vum Joreswärmebedarf of), a wann dann d'Gebai renovéiert gëtt (Isolatioun fir de Wärmebedarf ze reduzéieren) oder een no engem oder zwee Wanteren gesäit, dass d'Wärmepompel ët eleng packt, da kann déi fossil Heizung ausgebaut gin (dës Iwwergangsléisung gëtt och am Klimabonus Subventiounsregimm ënnerstëtzt, fir dem Consommateur méiglechst vill Optiounen ze bidden). Fir weider Detailer verweisen ech op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 5306.

2. **A wéi enge Situatioune kënnen d'Leit aktuell dru gehënnert ginn, fir eng Wärmepompel bei sech doheem z'installéieren?**

Leit déi eng Wärmepompel wëllen installéieren informéiere sech am beschte bei hirer jeweileger Gemeng, ob si heifir eng Baugeneemegung mussen ufroen a wéi eng Krittären déi Wärmepompel gegeebenefalls muss laut Bautereglement vun der betraffener Gemeng erfëllen. Bei neie Gebaier gëtt d'Wärmepompel ab dem 01.01.2023 zur Referenztechnik a si ass een zentraalt Element fir eis national Klimaziler am Beräich vun der Dekarboniséierung vun de Gebaier ze erreechen.
Wann eng Wärmepompel un eng geothermesch Buerung gekoppelt gëtt, muss am Virfeld op verschidde geologesch Aspekter, wéi den Schutz vun den Drénkwaasserressourcen oder geotechnesch Risiken opgepasst ginn. Aus dëse Grënn sinn a verschidde Géigenden am Land geothermesch Buerungen net erlaabt bezéiungsweis nëmmen ënnert Oplagen erlaabt.

3. **Wéi vill Wunnengen hei am Land sinn aktuell an enger änlecher Situatioun, wéi déi an der Intro beschriwwene Fall, a bei deenen d'Besëtzer aus kontraktuelle Grënn keng Wärmepompel dierfen installéieren?**

Änlech Situatioune si mir net bekannt.

Lëtzebuerg, den 28. September 2022
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie